



I.F.L. DIGITAL CHALLENGE 2021

Oflaf, Reegelen an zousätzlech Erklärungen

IMPRESSUM

A. OFLAF

S.3

S.3

S.3-4

S.3-4

S.4

S.4

S.4-5

S.5-6

S.6-9

S.6-7

S.8-9

S.9

A. OFLAF

A.1 INTRO

Wéinst der aktueller Situatioun ass et leider net méiglech d'WM dëst Joer bei eis zu Lëtzebuerg ofzehalen. Och d'Traininge vun den individuellen Ekippen, an di national an international Competitiounen müssen fir den Ament nach ausfalen.

D' IFL wëll an dësem WM-Joer awer Präsenz weisen an organiséiert dowéinst en digitale Challenge. Dëst soll de Kontakt ënner den eenzele Spiller a Veräiner an dëser Zäit stäerken an d'Spiller individuell motivéiere fir am Training ze bleiwen.

A.2 START AN ENN

D'Digital Challenge fänkt den 1. Februar 2021 un an geet esou laang bis d'Haalen erëm fir jiddereen op ginn. Mir deelen d'Enn vun der Challenge via E-Mail eng Woch am Viraus mat, wann mir de Communiqué vum Ministère hunn, datt erëm jiddereen trainéieren duerf.

A.3 WÉI FUNKTIONÉIERT D'CHALLENGE?

Den Challenge vun der IFL ass eng digital Competitioun, wou déi Ekippen gewënnt, déi während de Confinements-Méint am sportlechsten ass.

Deelhuele mëscht een am Numm vun dem Veräin wou e lizenziert ass. Fairnesshalber ginn d'Punkten vun all Ekippen duerch d'Unzuel u Spiller di bei der Challenge matgemaach hu gedeelt. Esou hunn och kleng Veräiner eng Chance ze gewannen. Gewonnen huet zum Schluss déi Ekippen di am meeschte Punkte pro Persoun (PPP) gesammelt huet. D'Gewënner-Ekippen kritt fir hier Leeschtung en eemolege Präis vun der IFL.

Den digitalen Challenge besteet aus 2 Komponenten:
Dem „zesummen aktiv sinn“, an dem „eenzel aktiv sinn“.

A.3.1 ZESUMMEN AKTIV SINN

All Woch fënnt Dënnesdes vun 20:00 bis 21:00 en digitale Meeting statt, wou een zesummen Übunge mëscht. Ziel ass et heibäi, fir sech gegesäiteg ze gesinn, zesummen aktiv ze sinn an sech ze ënnerstëtzen.

Dësen Training gëtt iwwer Google Meet, eng gratis Videokonferenz-Plattform ugebueden. Wéi dës funktionéiert gesitt dir am Punkt C.1.

De „Moderator“ vum Training sammelt domat 70 Punkte vir säi Veräin. All Participant kritt 30 Punkte. Am Ufank vun all Meeting ginn d'Participanten an de Moderator vum IFL-Comité notéiert an

hinne ginn hir Punkte verrechent.

Jiddereen duerf dësen Training halen, egal ob jonk oder al, am Grupp oder eleng. Wann's du en Training hale wëlls, mellet dech w.e.g op: comite-ifl@indiaca.lu

A.3.2 EENZEL AKTIV SINN

Wann dir Lafen, Trëppelen, Vëlofueren (Mountainbike oder Coursevëlo) oder Inline-skaten gitt, kënnt dir iwwer d'App „Strava“ är Aktivitéit ophuelen an dës a Punkte fir är Veräin ëmwandelen.

Esou ka jiddereen op seng Manéier fir säi Veräin aktiv ginn.

D'Punkte ginn heibäi der Aktivitéit no gestaffelt a ginn op de Kilometer gerechent (méi dozou am Punkt B.2.) an da vir är Veräin agedroen.

Dës Weidere gëtt et all Woch eng speziell wöchentlech Challenge, déi 20 extra Punkte fir de Veräi bréngt. Dës Challenge gëtt via E-mail a Strava bekannt gemaach.

Fir datt d'IFL vun ärer Aktivitéit matkritt, musst dir just dem IFL-Club ob Strava bäitrieden. De komplette Fonctionnement vun der App gëtt am Punkt C.2 erkläert.

B. REEGELEN

B.1 WIEN DUERF MATMAACHEN?

Matmaachen duerf all aktuell lizenzéierte Spiller. Wann dir fir är Veräin aktiv gi wëllt muss dir lech dofir awer net extra beim IFL-Comité umellen. Dir kënnt einfach bei engem Meeting matmaachen oder dem Grupp op Strava bäitrieden a mir schreiwen är Punkte mat op. Am Meeting gi mir d'Leit duerch di do sinn, op Strava ginn d'Punkten 1x d'Woch iwwerdroen. Mir kommentéieren är Beitrag, wann en notéiert gouf.


B.1 DE PUNKTESYSTEM

Fir eng Bewäertung vun de jeeweilegen Aktivitéiten ze hunn, huet d'IFL sech ee Punktesystem ausgeduecht. De Veräin mat de meeschte Punkte pro Persoun gewënnt herno den Digital Challenge. Fir datt dir d'Punktestänn verfollege kënnt, ginn d'Punkte kontinuierlech an eng Excel Tabell agedroen.

Punkten androen an änneren, ka just vun de Comitésmembere vun der IFL gemaach ginn, d'Tabell ass awer fir jiddereen zougänglech.

Méi zum Thema Verfolgung vun de Punktestänn am Punkt C.3

Wéi vill Punkten ee vir wéi eng Aktivitéit kritt, weist dës Infographik:



Punkten déi ënner „Zesummen aktiv ginn“ falen (d’Participatioun an d’Hale vun engem Meeting) ginn no all Meeting direkt agedroen. Punkten déi ënner „Eenzel aktiv ginn“ falen (Strava-Aktivitéiten) ginn ëmmer um Enn vun der Woch an d’Excel Tabell agedroen. Um Enn vun der Woch gëtt dann och de Gewënner vun der wöchentlecher Challenge bekannt gemaach an di nei Challenge gëtt ugekënnegt.

C. ERKLÄRUNG VUN DE PROGRAMMER

C.1 ZESUMMEN AKTIV SINN IWWER GOOGLE MEET


Google Meet ass eng Online-Plattform, fir déi just den, den de Meeting erstellt, e Konto brauch. Wann dir participéiere wëllt, braucht dir also kee Konto.

Fir d’Erstelle vum Meeting hunn mir en IFL-Konto gegrënnt, den de jeeweilige Moderator benotze kann, wann hie keen huet.

Am Einfachsten ass et mam Laptop um Meeting deel ze huelen. Et geet awer och mam Handy, wann een d’Google Meet App eroflued.

Fir beim Meeting mat ze maachen, klickt dir einfach op de Link, de mir iech per E-Mail schécken, a scho sidd dir derbäi.

D’Fënster di dir da gesitt, gesäit esou aus:



Wann dir är Kamera an äre Mikro unhutt dann héieren an gesinn di aner lech. Dir kënnt di aner natierlech och gesinn an esou d’Übunge matmaachen.

C.2 EEZEL AKTIV SINN IWWERT STRAVA



Fir mat eenzele Sportaktivitéite Punkte fir äre Veräin ze sammeln, musst dir lech d’App „Strava Training: GPS Tracker - Laufen & Radfahren“ eroflueden an lech registréieren. Dës App gëtt et souwuel fir Android wéi och fir iOS.

Strava kascht näischt, dréckt bei der Registréierung vun ärem Account op „überspringen“ wann si iech e gratis Mount virschloen. Soss musst dir fir d’Premium Versioun bezuelen no engem Mount.


C.2.2 DEM CLUB „IFL“ BÄITRIEDEN

Wann dir lech een Account gemaach hutt, ass et wichteg datt dir lech nach am IFL-Club um Strava registréiert ier dir di éischt Aktivitéiten opzeechent.


D’IFL ka just deene Punkte ginn, déi am Club registréiert sinn, well mir är Aktivitéite soss net gesinn. An der Club-Beschreibung fannt dir och nach eng Kéier de Strava-Punktesystem an di aktuell

Challenge vun der Woch.


Wéi een dem IFL-Club op Strava bäitritt, erkläre mir mat de folgende Biller.




1. Klickt op „Entdecken“




2. Klickt op „Clubs“




3. Klickt op d'Lupp



4. Tippt „IFL“ an d'Suchfeld



5. Klickt op de Club „IFL“




6. Klickt op „Beitrittsanfrage“

Esoubal mir lech zougelooss hunn, kritt dir eng Benoorechtung an der App. Ab da gëtt all Aktivitéit vun lech automatesch am Club ugewisen an Dir kritt Punkten dofir.

Wann Dir wëllt gesi wat di aner Indica-Spiller grad sportlech erreecht hunn, gesitt dir dat och an dem dir bei de Club „IFL“ kucke gitt.

C.2.3 ENG AKTIVITÉIT OPHUELEN


Fir datt jiddereen direkt startkloer ass, hei och eng bildlech Erklärung dozou, wéi een eng Aktivitéit opzeechent.



1. Klickt op „Aufzeichnen“




2. Klickt hei fir d'Sportart ze änneren




3. Wielt di gewënschte Sportart




4. Klickt op „Start“




5. Den Handy verfollegt är Aktivitéit elo. Dir kënnt den Handy spären an är Täsch/Rucksack man. D'App zeechend är Aktivitéit am Hannergrond op




6. Klickt hei fir eng Paus ze man oder opzehalen



7. Klickt op „Beenden“ fir d’Aktivitéit ze speichern



8. Hei kënnst dir ärer Aktivitéit en Numm ginn oder Fotoen derbäi setzen



9. Klickt op „Speichern“

C.3 PUNKTESTÄNN VERFOLGEN

D’Punkte gi vun der IFL an enger online Excel Tabell agedroen. Dës ka jiddereen opruffen a kucken, wéi ee Veräin grad d’Nues vir huet. Agedroen a geännert gi kënnen d’Punkten awer just vum IFL Comité.

D’Tabell fannt dir ënner folgendem Link:

https://studentkit-my.sharepoint.com/:x:/g/personal/ufltq_student_kit_edu/EfVAgkSgX9DvLpEob6gyPgBuem7NguREoThfuva9vW4Q?e=u2udLC

	A	B	C	D	E	F	G	H	I	J	K	L	M	N	O
1	Veräin	Sportler/in (Vnummer)	Sportler/in (Nonumm)	Sportart	Multiplikator	Kilometer	Punktzuel				Plazéierung	Veräin	PPP		
2	Indiaca Bettenduerf	Max	Mustermann	Coursevélo	0,5 x	42,1	21,05				1	Indiaca Elwen	44,80		
3				Lafen	3 x	8,0	24,00				2	Indiaca Bettenduerf	41,68		
4											3	Indiaca Klierf	38,08		
5		Monica	Mustermann	Wandere	2 x	11,8	23,60				4	Indiaca Nordstad	37,20		
6											5	Indiaca Jumpers Alzer	34,50		
7		Jemp	Kremer	Mountainbike	1 x	19,3	19,30				6	Indiaca Kolmer-Bierg	30,60		
8				Coursevélo	0,5 x	32,2	16,10				7	Nethoppers Useldeng	28,90		
9				Lafen	3 x	7,0	21,00								
10															
11															
12		Unzuel Spiller:	3	Lafen			PPP:								
13							41,68								
14	Indiaca Elwen			Wandere											
15				Inliner											
16		XY	Z	Mountainbike	2 x	8,4	16,80								
17				Coursevélo	2 x	14	28,00								
18															
19		Unzuel Spiller:	1				PPP:								
20							44,80								
21	Indiaca Jumpers Alzer														
22		A	B	Coursevélo	0,5 x	69	34,50								
23															
24		Unzuel Spiller:	1				PPP:								
25							34,50								
26															
27	Indiaca Kolmer-Bierg														

Bei Froen, Umeldunge vu Meetingen, Kommentaren oder soss Informatiounen, kontaktéiert eis ënner:

comite-ifl@indiaca.lu